



KENG AUSRIEDEN I

Texte de Josiane Kartheiser présenté lors de l'Inauguration du Coteau des Dames

Une action du CNFL en signe de solidarité avec les candidates aux élections communales de 2011

1^{er} octobre 2011

Prinzipiell kann ee soen, datt et net ee valable Grond gëtt, fir de Männer d'ganz Politik z'iwwerloossen. Wa mer eis den Zoustand vun der Welt vun haut esou ukucken, musse mer zouginn, datt et un der Zäit ass, datt mir Fraen eis Verantwortung iwwerhuelen an hëllef, et besser ze maachen. Hei eng Dosen Argumenter géint méiglech Ausrieden. Dës méiglech Ausrieden hunn ech net erfondt, se baséieren op der Analys vun der Mme Monique Laroche-Reeff an der Publikatioun „Premières femmes dans les conseils communaux“ vun 2005 vum Conseil national des femmes du Luxembourg.

1) Et kann net sinn, datt mer doheem alles bestëmmen – naja, déi meescht vun eis - an esou bal wéi mer e Fouss vrun d'Dier setzen, näischt méi ze soen hunn. Wou mer dach nach zéng Sekonne virdu genee woussten, wéi een et richtig mécht.

2) Eise Partner ass net begeeschtert, well e fäert, mir géifen eis, soubal wéi mer an der Politik wieren, ze séier ze vill an eng nei Richtung entwéckelen? Ma dat kann hien dach och – a senger neier Roll als geleentlechen Hausmann a Babysitter.

3) Natierlech hu mer bei der éischer Kéier, wou mer an de Gemengerot gewielt ginn, keng Ahnung, wéi esou e Betrib verwaltungstechnesch funktionéiert. Mä dat hunn och d'Männer bei der éischer Kéier net, a keng Ahnung hunn, huet si nach ni vun eppes ofgehalen. Ausserdeem léiert sech esou eppes jo, a mer hunn am Liewe schonn esou vill geléiert, datt et nu wierklech net drop ukënnt. Well schliisslech ware mer schonn an eiser Jugend méi fläisseg wéi d'Bouwen.

4) Mir kennen och dee ganze verwaltungstechnesche Vokabular net? Kee Problem, mer maachen et einfach wéi d'Männer, mir gebrauch méiglechst vill intellektuell franséisch Wieder, och wann et eidel Floskele sinn, a scho si mer op d'mannst esou iwwerzeegend wéi si.

5) Mir hu Problemer, fir an der Öffentlechkeet fest a selbstsécher opzotrieden? A wouhier dann, doheem féiere mer dach och d'Haaptwuert, a mer wëssen aus Erfahrung, datt mer eis domat gewéinlech och duerchsetzen. An eng Grupp vu Leit besteet dach nëmmen aus Eenzelpersounen, an Eenzelpersoune veronsécheren eis jo awer net.

6) Mir hunn net déiselwecht Kontakter beim Staat oder am öffentleche Liewe wéi d'Männer? Wéisou dann, mer schaffen dach an deene selwechte Verwaltungen a gi mat op déiselwecht Receptiounen. An Zukunft eeben net méi als charmant Unhängsel vu eisem Mann, mä an eisem eegenen Numm. A wann eise Mann sech gutt schéckt, dāerf hien och matgoen a sech sengersäits e bässe Relatiounen maachen. Donieft ass et och net verbueden, datt mir Fraen eis eege Kontaktreseauen opbauen, genee wéi d'Männer, mer hunn dach och Frëndinnen op alle méigleche Plazen, déi eis emol en Tuyau oder e Coup de main kënne ginn.

7) D'Männer lauschteren eis net no, wa mer am Gemengerot eppes soen oder proposéieren? A waarden einfach, bis e puer Méint méi spéit ee vun hinnen déiselwecht Propose mécht, fir se da genial ze fannen? Also wierklech, mir kënne genee esou haart schwätze wéi si, a mer wësse ganz gutt, wéi ee laang genuch seet, fir sech Gehéier ze verschafen. A souwisou géif deen Trick do deenen Häre séier vergoen, wa méi Fraen am Gemengerot wieren.

8) Mir kréie wichteg an néideg Informatiounen virenthalen? Also éischtens fält dat ënner Mobbing, a Mobbing kann haut kee sech méi leeschten, an zweetens wësse mer, datt näischt iwwe e kleng Kaffiskränzche mat strategesch gutt placéierte Sekretärinne geet, fir alles gewuer ze ginn, wat mer wësse mussen. An nach e Koup méi!

9) Mir sinn net bekannt genuch an eiser Gemeng? Dat hänkt ouni Zweifel vun eisem Job of. Als Geschäftsfra, Doktesch oder Léierin si mir schliisslech eng lokal Institutioun, dofir brauch een net Paschtouer ze sinn. An da ginn et jo och nach d'Veräiner mat hiren Dëppfester, wou een, gutt sichtbar, Bréidercher an Humpe verkafe kann.

A wann all Stréckele räissen, kann ee sech ëmmer nach en Hond uschafen, mat deem een all Dag spadséiere geet. Net egal wat fir en Hond natierlech: am beschte sinn do Yorkshire Terrieren, well bei deenen all Mënsch en Ufall vu Gilligilli kritt, an dat ass wonnerbar fir noperschaftlech Kontakter ze fleegen. Alternativ kann et och e Puppelche sinn, am léifsten en Enkelkand, well fir eegener hu mer keng Zäit méi, wa mer bis an der Politik sinn. Doriwwer eraus ass d'Bomisroll super: enger Bomi vertraut all Mënsch, a mat hir kann een och esou gutt iwwer all dat schwätzen, wat engem um Häerz läit. A wat de Leit um Häerz läit, ass genee dat, wat een als Politikerin intresséiert. Dobäi musse mer allerdéngs oppassen, datt mer eis net erëm an déi klassesch Fraendomänner eramanövréiere loossen. Näischt géint Kultur a Soziales, näischt géint Familljepolitik an drëtten Alter, mä Kläranlagen, technesch Servicer a Recyclingzentre sinn och faszinant, an als nieren- oder haaptberufflech Hausfrae si mer souwisou schon hallef Fachleit.

10) Dat Schlëmmst an der Politik – gött behaupt – sinn déi éiweg Intrigen, Manipulationen a Ligen, perséinlech Attacken, Kombinnen, Egoismen an däers méi. Dat ass tatsächlech eppes, wat mer nieft eisem Beruff an eiser Famill nu wierklech net och nach brauchen. Dozou ass allerdéngs ze soen, datt een am Gemengerot jo och Frënn a Kollegen huet, déi ze engem halen. Dovun ofgesi kenne mer dat do alles aus der Schoulzäit an aus dem Beruffsliewen, besonnesch wa mer Carrière gemaach hunn. An am Laf vun der Zäit hu mer jo och e bësse méi Culot kritt a geléiert, wéi een zréckschéisst. An och wa Parteifrënn a Parteifeinden eng besonnesch Kategorie vu Matmënsche sinn, wësse mer jo awer och, datt villes, wat am Gemengerot fir d'Galerie inszenéiert gött, eng hallef Stonn drop am Bistro scho ganz anescht ausgesäit. Et ass och hei wéi ëmmer am Liewen: mir musse léieren, domat ëmzegen, a maachen dobäi mat Sécherheet och positiv Erfahrungen. Mir mussen eis just bewusst bleiwen, datt do, wou Éiergäiz a Rivalitéite mat am Spill sinn, och bestëmmte Spillregele gëllen – an déi kënne mer jo och zu eise Gonschten notzen.

11) Natierlech däerfe mer net domat rechnen, dat d'Wieler alleguerten zefridde mat eis sinn, well jidderengem seng Uspréch kann och dee beschte Politiker net erfëllen. Mä wa mer bis wëssen, wéi eng Gemeng intern funktionéiert, kënne mer de Leit och besser erklären, firwat d'Saachen sou si wéi se sinn, a firwat et heiansdo e bëssen dauert, fir eng flott Suggestioun an d'Praxis ëmzesetzen. Virausgesat natierlech, si si bereet, eis nozelauschteren – an do kommen d'Yorkshire Terrieren erëm an d'Spill.

12) Ee Problem, fir deen et allerdéngs keng Léisung gëtt, ass d'Zäit. Mer hunn elo schonn hannen a vir keng nieft der Famill an dem Beruff, an da sollen och nach Reuniounen, Sëtzungen, d'Studéieren vun Dossieren, Receptiounen, an Aweiunge vu Wäibierger dobäi kommen, a mir hu keng Ahnung, wéi mer dat alles iwwert d'Ronne kréie sollen. Mä loosse mer éierlech sinn: et geet näischt iwwer intensiv Aktivitéit, fir sech esou richtig matzen am Liewen ze fillen, fir den Androck ze hunn, datt mer gebraucht ginn an eis – als Politikerinnen - vis-à-vis vun eise Matbierger nützlich maache kënnen. Datt mer dozou bäidroen kënnen, Projeten an Innovatiounen, déi eis wichteg sinn, ze realiséieren. An op där Plaz, wou mer doheem sinn, fir méi Liewensqualität ze suergen. Well dodrëm geet et jo leschten Enns, ëm Liewensqualität, an déi bedeit och, datt mer eis neien Erausforderunge stellen an doru wuessen. Datt mer am Kontakt mat anere Leit, mat anere Politiker a Politikerinnen, nei a spannend Iddie kréien.